LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications et des Médias

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 NOV. 2018

Luxembourg, le 16 NOV. 2018

Objet : **Réponse de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, aux questions parlementaires n°4066 et n° 4069 du 1er octobre 2018 de Monsieur le Député Félix EISCHEN au sujet « Fonds national de soutien à la production audiovisuelle ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias aux questions parlementaires n° 4066 et n° 4069 du 1er octobre 2018 de Monsieur le Député Félix EISCHEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

**Réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias aux questions parlementaires no 4066 du 1er octobre 2018 et no 4069 du 3 octobre 2018 de l'honorable député Monsieur Félix Eischen**

Den europäesche Filmsecteur ass nach ëmmer staark geprägt vu nationale Strukturen an den ënnerschiddleche Sproochen, déi an Europa geschwat ginn. Dës Situatioun bréngt mat sech, datt dee Secteur an Europa net eleng kann duerch Recetten aus der Distributioun iwwerliewen, mee op ëffentlech Ënnerstëtzung ugewisen ass. Dat gëllt fir déi europäesch Länner am Allgemengen an och fir Lëtzebuerg, wou zousätzlech derbäi kënnt, dass Produktiounen op Lëtzebuergesch e limitéierte Perimeter hunn an dowéinst besonnesch op eng finanziell Ënnerstëtzung ugewise sinn. E Bénéfice eleng aus de Produktiounsaktivitéiten ze generéieren, ass eng absolut Exceptioun.

Wann dat de Fall ass, musse laut dem Gesetz d'Aides financières sélectives (AFS), déi an eng Produktioun gefloss sinn och rembourséiert ginn. De Remboursement vun den AFS beleeft sech zanter dem Akraafttriede vum Gesetz 2014 op 246.344.- Euro. Eng Derogatioun, ewéi vum honorablen Deputéierte beschriwwen, ass net ausgestallt ginn.

Am Kader vun enger méi déifgräifender Analyse vum Secteur a vum Filmfong ass en Audit an der Maach vun deem eng virleefeg Versioun virläit. Den zoustännege Minister huet an enger Reunioun mat den Acteuren aus dem Filmsecteur festgehalen, dass een op Basis vun de Recommandatiounen aus deem Audit wëll u verschiddenen Upassunge schaffen. Dofir gouf festgehalen, dass eng weider Aarbechtsreunioun misst mat deene verschiddene Beruffsorganisatioune gemaach ginn. Dës Reunioun ass fir Enn dës Mounts geplangt.

Den externen Audit gëtt, nodeems een mam Secteur weider Schrëtt konnt festhalen, och der Chamber an dem Public zougänglech gemaach.

Wat d'Fro vum honorabelen Deputéierten iwwer d'Zuel vun de Leit betrëfft, déi am Filmsecteur schaffen, esou sief dobäi ënnerstrach, dass déi Zuel staark variéiert an ofhängeg ass vun de jeeweilege Projet'en, déi zu Lëtzebuerg realiséiert ginn. De Statistike vum Filmfong no kann een dervun ausgoen, dass den Ament ronn 1.200 Leit direkt am Filmsecteur zu Lëtzebuerg schaffen.

Déi realiséiert Statistiken vum Filmfong baséieren engersäits op d'Lëscht vun den techneschen an artisteschen Equippen, déi eng Produktiounsgesellschaft am Kader vun hirer Demande AFS ofgi muss, anerersäits op d'Membersléschten vun den Associatiounen aus dem Secteur (ULPA, FMAIV, ALTA, LARS an ACTORS).